Här Chris BERNARD
Gemengeconseiller

41, rue Jean Waxweiler

L-4783 PETANGE

Referenz : 2026.70363.SECR

Péiteng, den 11. Mäerz 2026

**Betreff: Är Froe vum 11. Februar 2026**
(Den Dossier gëtt beaarbecht vum Guy Thinnes - Tel.: 50 12 51 - 3080)

Här Chris Bernard,

An Ärem Bréif vum 4. Februar 2026, deen der Gemengeverwaltung den 11. Februar 2026 per Email zougestallt gouf, stellt Dir dem Schäfferot follgend Froen :

*Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,*

*D'asiatesch Hornnëss ass eng invasiv Aart déi sech ëmmer méi an eisem Ekosystem ausbreet. Verschidden Etudë, weisen eng rasant Ausbreedung vun der Aart Vespa velutina, wou d'Ennerart Vespa velutina nigrithorax weit verbreed ass. Esou warnt och de Minister d'Environnement mat lnformatiounscampagnen. Bei Siichtungen vun der asiatescher Hornnëss, sollte Bierger sech bei dëser E-mail melle 'vespa@neobiota.lu'.*

*Unzuel vun den Artikelen an de lëtzebuergeschen Zeitunge sinn an de lëschte 5 Joren ebenfalls staark an d'Luucht gaangen. De rezentsten Artikel ass am "Wort" ze liesen, vum 11. Februar 2026. Mëttlerweil ginn d'Gemengen an de Minister appelléiert d'Verantwortung net eleng de Bierger ze iwwerloossen.*

*De Syvicol Präsident appelléiert u Gemengen an enger Versammlung vum 3. Februar 2026 , dat Zaït drängt fir eng adequat an ekologesch Bekämpfung vun der asiatescher Hornnëss hinzekréien, resp. anzesëtzen.*

*An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech lech folgend Free stellen:*

*1. Wéi eng Mossnahmen hellt d'Gemeng Péiteng aktuell fir d'lnvasioun vun der asiatescher Hornnëss esou gutt wéi méiglech anzedämmen?*

*2. Bekämpfung géint d'asiatesch Hornnëss ass ënnert anerem, mat Falen méiglech, och als "piège de frélon" bekannt.*

*Ass dess Bekämpfung eng Optioun vir d'Gemeng, des Falen a Parken, Schoulen, Sportsanlagen an eventuell private Leit unzebidden?*

*Source : https://ornetin.com/fr?srsltid=AfmBOoo9oKaOuVP58LS19Rxl..pRVs9uby3sKP5ZIGq256cl>7-RC4Huz4A*

*3. Ass d'Ausbreedung vun der asiateecher Hornnëss, baséierend un de Sichtungen vun de MatbiergerInnen an der Gemeng Péiteng,•onbedenklech","bedenklech,"alarméierend•?*

*4. Wéi eng Uweisungen resp. Mossnahman krut d'Gemeng Péiteng vum Emweltministère an/oder vum Innenminister a punkto Bekämpfung vun der asiatescher Hornnëss ?*

*Mat Respekt*
*Chris Bernard*
*Gemengeconseiller*

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op Är Froen :

Fro 1 : An Zesummenaarbecht mat der Administration de la nature et des forêts (ANF) ginn Näschter, déi an direkter Ëmgéigend vu Geforeberäicher wéi z.B. Schoulen, Spillplazen oder ëffentleche Plazen entdeckt ginn, ewech gemaach.

Froen 2, 3 a 4 : Äre Bréif ass op de 4. Februar datéiert an Dir bezitt Iech awer op en Artikel vum 11. Februar aus dem Luxemburger Wort. Mir mussen dervun ausgoen, dass Dir Iech mat engem méi alen Artikel befaasst hutt. Am tatsächlechen Artikel aus dem Luxemburger Wort vum 11. Februar ginn Är Froen nämlech beäntwert.

Et ass vum Här Minister Serge Wilmes am Dezember eng Aarbechtsgrupp aberuff ginn, déi, sou wéi de Minister den 10. Februar an der Chamber erkläert huet, bis Enn Abrëll en nationale Plang wäert ausschaffen, wéi zukünfteg mat der asiatescher Runn soll ëmgaange ginn.

D'Gemeng Péiteng wäert sech selbstverständlech dann och no dësem vun den Experte vun ANF, CGDIS, ALVA an ASTA ausgeschaffte Plang riichten.

A punkto wéi d'Ausbreedung vun der asiatescher Runn wouer geholl gëtt, fannt Dir och am besoten Artikel d'Äntwert vun der Madamm Ministesch Martine Deprez, datt iwwert déi läscht Jore net méi Mënsche vu Runne gepickt goufen, wéi déi Jore virdrun.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär f.f.,

De Buergermeeschter,

Adresse postale: ADMINISTRATION COMMUNALE DE PÉTANGE
b.p. 1 · L-4701 Pétange
ouvert du lundi au vendredi de 8.30 à 11.30 et de 13.30 à 16.30 heures
mercredi nocturne jusqu'à 18.30 heures
Téléphone: 50 12 51-1000
Adresse e-mail: commune@petange.lu
Site Internet: www.petange.lu
N° TVA: LU 102 90 925
N° fiscal: 00005132118